

- Hei sti mir op déer Platz, wo an der Nuecht vum 30ten op den 31ten Januar 1945, 819 Prisonnei'er aus dem Prisong, dén elo zum Dél ofgerappt ass, vun der SS Abteilung erschoss gowen an doerenner dei 91 Letzbuerger Jongen. Et ass hei wo d'Russesch Armée all dei Leichen fond huet an dei an den no-folgenden Dég vun der Populatioun hei um Feld begruewe gowen.
- Mir sin de polneschen Autoriteiten dankbar dass sie schon no kuerzer Zeit des Monument an och dese Musée opgericht hun.
- Et ass och hei, wo, nodém den André HOHENGARTEN dem Fédératioun's Comité dei nédeg Informatiounen gin hat a mat der Höllef vum Här MNIROWSKI eng letzebuerger Delagatioun ~~den~~ 1974 kont dei Souvenir's Plaque, dei dir hei un der Mauer vum Musée gesit, déposei'eren.
- Mir sin den zoustännege polneschen Autoritéi'ten an der Gemengeverwaltung vu SLONSK se'er dankbar, dass sie bis elo des Gedenkplatsen gud erhalten a soignei'ert hun a wönschen och, dass sie an engem gudden Zustand nach Joërzinkte lang gehale gin.
- Natierlech leiden esowuel d'Gebeilechkeeten, wei och d'Bannendekoratiounen an d'Biller mat der Zeit an Renovatiounen mussen emmer erem virgeholl gin.
- Dofir géht bei Wunsch un ons Spezialisten dei bei eis hei sin, sech des letzebuergesch Dokumenter unzukucken, a feststellen wat muss ersat an erneiert gin.
- Awer och onse polnesche Frén confirmei'eren ech, dass ons Fédératioun jidde Zeit bereed ass och finanziell mat beizedroen, dass des Gedenkplatsen enner hale bleiwen. Des Souvenir'en mussen dem Affer vun onsen ongléckleche Komeroden an éngem würdegen Zustand sin a bleiwen.
- Well dénkt drun, wei uerg et dach fir sie war, nodem dass sie dem Preis "né" gesot haben, verrode gowen. Verhe'er no Verhe'er ennerzunn, gepéngecht a virum Kriegsgerichter ziteiert, zou Onrecht kondamnei'ert, duerch Prisong geschléf, an de Moirlageren gelidden, heihinnen an onmenschlechen Zoustänn agespaart, a wei sie dunn endlech d'russesch Kanounen schon he'eren, d'Fron no bei war, an nemmen nach Stonnen sie vun der Befreiung getrennt hun, am leschte Moment nach eng satanesch preisech SS Mannschaft ungeréck ass an hirem Liewen en Enn mecht.
- Et ass ons Flucht an Aufgab dofir ze suergen, dass de Souvenir un des Letzebuerger Geaffert net verblatzt an dofir sin ech iech, Dir Dammen an Hären, léw Komerodinnen a Komeroden se'er dankbar dass dir duerch är Bedélegung an är Presenz hei beweisst hei dass dat kéng eidel Wieder sin wa mir soen : "Mir vergiessen iech net !".
- Ech well awer d'Vertrieder vun onsem Herscherhaus, vun der Regierong, vum Här Erzbeschhof bieden, dem Grand-Duc, de Ministeren an dem Här Erzbeschhof de Merci von ons all hei soen. Merci dass duerch är Presenz sie welle beweisen dass och sie den Affer vun onsen ongléckleche Komeroden wierdegen, respekteieren an net vergiesse lossen.

Hei sti mir op déer Platz, wo an der Nuecht vum 30ten op den 31ten Januar 1945, 819 Prisonnei'er aus dem Prisong, dén elo zum Dél ofgerappt ass, vun der SS Abteilung erschoss gowen an doerenner dei 91 Letzebuerger Jongen. Et ass hei wo d'Russesch Armée all dei Leichen fond huet an dei an den no-folgenden Dég vun der Population hei um Feld begruewe gowen.

Mir sin de polneschen Autoriteiten dankbar dass sie schon no kuerzen Zeit des Monument an och dese Musée opgericht hun.

Et ass och hei, wo, nodém den André HOHENGARTEN dem Federatioun's Comité dei nédeg Informatiounen gin hat a mat der Höllef vum Här MNIROWSKI eng letzebuerger Delegatioun den 1974 kont dei Souvenir's Plaque, dei dir hei un der Mauer vum Musée gesit, déposei'eren.

Mir sin den zoustännege polneschen Autoritéi'ten an der Gemengeverwaltung vu SLONSK se'er dankbar, dass sie bis elo des Gedenkplatsen gud erhalten a soignei'ert hun a wönschen och, dass sie an engem gudden Zostand nach Joërzinkte lang gehale gin.

Natierlech leiden esowuel d'Gebeilechkeeten, wei och d'Bannendekoratiounen an d'Biller mat der Zeit an Renovatiounen mussen emmer erem virgeholl gin.

Dofir géht mei Wonsch un ons Spezialisten dei bei eis hei sin, sech des letzebuergesch Dokumenter/unzekucken, a feststellen wat muss ersat an er-neiert gin.

Awer och onse polnesche Frén confirméi'eren ech, dass ons Fédératioun jidde Zeit bereed ass och finanziell mat beizedroen, dass des Gedenkplatsen enner-hale bleiwen. Des Souvenir'en mussen dem Affer vun onsen ongléckleche Kome-roden ^{an engem} würdegen Zustand sin a bleiwen.

Well dénk drun, wei uerg et dach fir sie war, nodem dass sie dem Preis "né" gesot haben, verrode gowen, Verhe'er no Verhe'er ennerzunn, gepéngecht a virum Kriegsgerichter ziteiert, zou Onrecht kondamnéi'ert, duerch Prisonge geschléf, an de Moorlageren gelidden, heihinnen an onmenschlechen Zoustänn agespaart, a wei sie dunn endlech d'russesch Kanounen schon he'eren, d'Front no bei war, an nemmen nach Stonnen sie vun der Befreiung getrennt hun, am leschte Moment nach eng satanesch preisech SS Mannschaft vuréck ass hirem Liewen en Enn mecht.

Et ass ons Flucht an Aufgab dofir ze suergen, dass de Souvenir un des Letze-buerger Geaffert net verblatzt an dofir sin ech iech, Dir Dammen an Hären, léw Komerodinnen a Komeroden se'er dankbar dass dir duerch är Bedélegung an är Presenz hei beweisst hei dass dat kéng eidel Wieder sin wa mir soen : "Mir vergiessen iech net !".

Ech well awer d'Vertrieder vun onsem Herscherhaus, vum der Regierong, vum Här Erzbeschhof bidden, dem Grand-Duc, de Ministeren an dem Här Erzbeschhof de Merci vun ons all hei soen. Merci dass duerch är Presenz sie welle be-weisen dass och sie den Affer vun onsen ongléckleche Komeroden wierdegen, respekteieren an net vergiesse lossen.

Här Chambellan a Komero d' Germain Frantz,

Här Hofmaréchal honoraire a Komero d' Guy de Muyser,
offiziell Vertrieeder vun senger Kineklecher Altess
de Grand-Duc Jean vu Lëtzebuerg

Här Albert Hansen, Sekretär Général vum Conseil de
Gouvernement a Vertrieedung vun onser Regierong

Här Alain de Muyser Eischten Secrétär vun der polnescher
Ambassade a Vertrieedung vum Här Ausseminister Jacques
Poos

Monseigneur, Prévot a Komero d' André Heiderscheid a
Vertrieedung vum Här Erzbëschof vu Lëtzebuerg.

nodeem ons rederektioun am Laat vum ouer 1772 deliouert w. helle den 50sten Anniversaire vum grugeleschen Massaker vu Slonsk, 1995 net eriwergoen ze lossen ouni en entpriedchenden Akt um Kierfecht wou ons 91 Komeroode begruewe leien ze setzen, hu mir des Absicht dem deemolege Buergermeeschter vu Slonsk, dem Här PAWEŁ KISIELEWSKI am Bréif vum 25ten Dezember 1992 matgedeelt.

Den 21ten März 1993 krute mir eng positiv Antwort a soen him dofir merci.

An der tēschend Zäit war natiirlech d'Fro :
Wät mache mir, wät riichte mir op?!

Wéll schon e Monument vun ons hei stung, ass d'Iddi vun énger Eierepart festgehäle gin.

Mat Höllief vun der Slonsker Gemengeverwaltung gouwen aus engem öffentleche Concours 3 Projécten zeréck behalen.

Ons Fédération huet séch fir dése Projekt, dé mir hei gesin decidéiert an zwar de Projekt vun der Kënschtlerin REGINA BARTEK vu Slonsk zesummen mat de Kënschtler BO-ZENA JAKUBOWSKA an MICHAL PUBLICZ.

Am Numm vun de Fédérations-Comités-Memberen, a méngen eigenen Numm a bestömmt och vun Iech all, spéziell wann dir elo gläich dëst Kënschtlerwierk méi no kënnt kucken soen ech hinnen opriichteg Félicitatiounen a soen Merci fir hir Aarbecht an d'Zesummenschaffen am Laaf vun de vergangene Méint.

A wann ech hei scho bei den "Mercien" sin, da wéll ech awer och gleich én net vergiessen, ouni déen d'Réalisatioun vun dësem Wierk, vun dëser Manifestatioun, vun dëse Gedenkfeieren net möglech gewierscht wären. An dëst net némmer zenter dëse lëschte Joeren mä schon zenter Joerzinkten, zénter déem Dag wou mir Lëtzebuerger ons bewosst gouwen wät zu Slonsk an der Nuecht vum 30ten op den 31ten Januar 1945 geschitt war.

Bescheiden awer zouverlässed: èmmer hölliefst- an asatzberéd èmmer fréndlech an nie knouterech iwert all déi oft schwierieg a kompliziéiert Arbëchten mat deene mir en zénter dëser langer Zäit geplot hunn an nach ploen. Bal honnerte vu Bréiwer a Faxen, vu Polnesch op Deitsch a vun Franzéisch op Polnesch iwersat.

Et ass onse Komerood den ANDRE HOHENGARTEN,

ANDER, vun ons all e wärmste Merci !

wa mir elo an e puer minuten des tierepart der offentliechkeet iweginn, da wëlle mir domadde éng weider Kéer drun erënneren awer och beweisen dass ons Komeroeden déi hei leien nüt vergiess sin. Dass hir oprechcht Haltung éngem fanatëschen Ennérdrécker géngt iwer geschätzt an unerkannt war an ass.

Dass sie zesummen matt all hiren anere Komeroeden enrlés de force, mat hiren Familjen, Papp a Mamm, Bridder a Schwestern, matt alle éierlechen a brave Lëtzebuerger, aktif a passif am Widdersstand, mat den Engesiedelten, Verschléftten a Prisonen a KZter dem Preis d'Stir gebueden hun, trei der Heemecht an dem Herrscherhaus blowen a fir Fridden a Freiheit bereed waren alles ze riskéieren.

An esou verneige mir ons héri virun hirem Affer. Virun hinnen, stellvertriedend fir déi dausende vun Zwangsrekrutéierten, déi hir Heemecht nüt méi erëm gesin hun. Dir a frieme Buedem, unbekannt leien, do wou Nazi-Deitschland se verschléft hat.

Dës Gedenkzeremonien a Gedenkstéen sollen fir hir Familjen a Frënn a schwachen Trouschts sin, awer fir ons Iwerliewend d'Alësong vum Verspriedchen, sie nüt ze vergiessen an dofir ze suergen dass och bei de kommende Generatiounen hirt Undenken wach bleiwt.

Awer däst alles wär nüt meiglech wa mir nüt kénnten op vill aner Hölléf zielen. Esou op déi verschidden polnesch Autoriteiten an Administratiounen déi ons bis elo autoriséiert an ermeiglecht hun des Souvenirs Aktiounen duerch zeféieren.

Wertvoll Hölléf an Informatiounen krute mir am Laaf vun de Joeren vum Här MNICHOWSKI, déi fir ons onschätzbar waren a sin, an dém mir fir éwech zu Dank verpflicht bleiwen.

Ech denken speziell un déi Slonsker Gemengenautoriteiten. Un déi verschidde Buergermeschteren a Conseilléen déi mir am Laaf vun de vergangene Joerzinkte kennen geléiert hun. Un d'Lehrpersonal a d'Schoulklassen. Un déi, déi de Kirfecht, d'Monumenter an de Musée proper an an der Rei halen.

An och esou un de jetzege Buergermeschter den Här ANTONI POLAK, séng Conseilléen an den Direkter JANUSZ DREZKA. Némme mat hirem Averständness a mat hirer Hölléf kont a kann dése Erënnerungsdag esou schén realiséiert gin.

Awer och der polnescher Population, de Veräner, der Musek, dem Gesang der Militärkompani an dem Här Paschtouer, all déi sech haut héri bedeelegen, en wärmste Merci.

E wärmste Merci vun de Lëtzebuerger fir haut an och fir déi kommend Joeren, fir dass och sie sollen hölléfen, dass den Affer vun déenen déi hei Jeten nüt vergiess gëtt, hire Souvenir an hir Erënnerungssténg an Eire gehäle gin.

An esou wënnen ech mech elo offiziell un der Här Buergermeeschter ANTONI POLAK; gin him de Schlëssel vun déser Eierepart, a schenke am Numm vun der Fédératioun dës Eierepart der Slonsker Gemeng esou wéi ét an désem Akt festgehäile ass.

E groussen Merci am Vireaus fir déi agange Verpflichtung dass dése Kirfecht mat sénge Monumenter an Eirepart émmer an éngem fir ons Kommeroden an déi, déi mat hinnen hei leien an éngem hinne wiederdegen Zoustand gehäle gin.

An domadde invitierer ech iech all stëll a mat äre persënleche Gedanken duerch dës Eirepart ze goen, de Kirfecht an d'Monumenter ze besichen.

Här Chambellan a Komerod Germain Frantz.

Här Hofmaréchal honoraire a Komerod Guy de Muyser,
offiziell Vertrieeder vun sénger Kineklecher Altess
de Grand-Duc Jean vu Lëtzebuerg

Här Albert Hansen, Sekretär Général vum Conseil de
Gouvernement a Vertrieedung vun onser Regierong

Här Alain de Muyser Eischten Secrétär vun der polnescher
Ambassade a Vertrieedung vum Här Aussenminister Jacques
Poos

Monseigneur, Prévot a Komerod André Heiderscheid a
Vertrieedung vum Här Erzbëschof vu Lëtzebuerg.

Nodeem ons Fédératioun am Laaf vum Joer 1992 décideiert hat,
den 50sten Anniversaire vum grugeleschen Massaker vu Slonsk,
1995 nüt eriwergoen ze lossen ouni en entpriechenden Akt
um Kierfecht wou ons 91 Komerode begruewe leien ze setzen,
hu mir dës Absicht dem deemolege Buergermeeschter vu Slonsk,
dem Här PAWEŁ KISIELEWSKI am Bréif vum 25ten Dezember 1992
matgedeelt.

Den 21ten März 1993 krute mir eng positiv Antwort a soen him
dofir merci.

An der tëschend Zäit war natiirlech d'Fro :
Wät mache mir, wät riichte mir op?

Wëll schon e Monument vun ons hei stung, ass d'Iddi vun énger
Eierepart festgehäle gin.

Mat Höllef vun der Slonsker Gemengeverwaltung gouwen aus engem
öffentleche Concours 3 Projéen zeréck behalen.

Ons Fédératioun huet sëch fir dëse Projet, dé mir hei gesin
décidéiert an zwar de Projet vun der Kënschtlerin REGINA
BARTEK vu Slonsk zesummen mat de Kënschtler BO-ZENA JAKUBOWSKA
an MICHAL PUBLICZ.

Am Numm vun de Fédératiouns-Comités-Memberen, a méngen eigenen
Numm a bestömmt och vun Iech all, spéziell wann dir elo gläich
dëst Kënschtlerwierk méi no kënnt kucken soen ech hinnen
opriichteg Félicitatiounen a soen Merci fir hir Aarbecht
an d'Zesummenschaffen am Laaf vun de vergangene Méint.

A wann ech hei scho bei den "Mercien" sin, da wëll ech awer och
gleich én nüt vergiessen, ouni déen d'Realisatioun vun dësem
Wierk, vun dëser Manifestatioun, vun dëse Gedenkfeieren nüt
méglech gewierscht wären. An dëst nüt némmer zenter dëse
Ieschte Joeren mä schon zenter Joerzinkten, zenter déem
Dag wou mir Lëtzebuerger ons bewosst gouwen wät zu Slonsk
an der Nuecht vum 30ten op den 31ten Januar 1945 geschitt
war.

Bescheiden awer zouverlässeg: ëmmer höllefs- an asatzberéed
ëmmer fréndlech an nie knouterech iwert all déi oft schwierieg
a komplizéiert Arbëchten mat deene mir en zénter dëser
langer Zäit geplot hunn an nach ploen. Bäl honnerte vu
Bréiwer a Faxon, vu Polnesch op Deitsch a vun Franzéesch op
Polnesch iwersat.

Et ass onse Komerod den ANDRE HOHENGARTEN,

ANDER, vun ons all e wärmste Merci !

Wa mir elo an e puer Minuten dës Eierepart der öffentlechkeet iwerginn, da wëlle mir domadde éng weider Kéer drun erënneren awer och beweisen dass ons Komeroden déi hei leien nüt vergiess sin. Dass hir oprecht Haltung éngem fanatëschen Ennerdrécker géngt iwer geschätzt an unerkannt war an ass.

Dass sie zesummen matt all hiren anere Komeroden enrlés de force, mat hiren Familjen, Papp a Mamm, Bridder a Schwesteren, matt alle éierlechen a brave Létzebuerger, aktif a passif am Widdersstand, mat den Emgesiedelten, Verschläften a Prisonen a KZter dem Preis d'Stir gebueden hun, trei der Heemecht an dem Herrscherhaus blowen a fir Fridden a Freiheit bereed waren alles ze riskéieren.

An esou verneige mir ons héri virun hirem Affe. Virun hinnen, stellvertriedend fir déi dausende vun Zwangsrekrutéierten, déi hir Heemecht nüt méi érem gesin hun. Dir a frieme Buedem, unbekannt leien, do wou Nazi-Deitschland se verschlëft hat.

Dës Gedenkzeremonien a Gedenkstéen sollen fir hir Familjen a Frénn a schwachen Trouschte sin, awer fir ons Iwerliewend d'Alésong vum Verspriechen, sie nüt ze vergiessen an dofir ze suergen dass och bei de kommende Generatiounen hirt Undenken wach bleiwt.

Awer dëst alles wär nüt meiglech wa mir nüt kénnten op vill aner Hölléf zielen. Esou op déi verschidden polnesch Autoriteiten an Administratiounen déi ons bis elo autoriséiert an ermeiglecht hun des Souvenirs Aktiounen duerch zeféieren.

Wertvoll Hölléf an Informatiounen krute mir am Laaf vun de Joeren vum Här MNICHOWSKI, déi fir ons onschätzbar waren a sin, an dém mir fir éwech zu Dank verpflicht bleiwen.

Ech denken speziell un déi Slonsker Gemengenautoriteiten. Un déi verschidde Buergermeschteren a Conseilléen déi mir am Laaf vun de vergangene Joerzinkte kennen geléiert hun. Un d'Lehrpersonal a d'Schoulklassen. Un déi, déi de Kirfecht, d'Monumenter an de Musée proper an an der Rei halen.

An och esou un de jetzege Buergermeschter den Här ANTONI POLAK, séng Conseilléen an den Direkter JANUSZ DREZKA. Nëmme mat hirem Averständness a mat hirer Hölléf kont a kann dése Erënnerungsdag esou schén realiséiert gin.

Awer och der polnescher Populatioun, de Veräner, der Musek, dem Gesang der Militärikompani an dem Här Paschtouer, all déi sech haut héri bedeelegen, en wärmste Merci.

E wärmste Merci vun de Létzebuerger fir haut an och fir déi kommend Joeren, fir dass och sie sollen hölléfen, dass den Affe vun déenen déi hei leien nüt vergiess gëtt, hire Souvenir an hir Erënnerungssténg an Eire gehäle gin.

An esou wënnen ech mech elo offiziell un der Här Buergemeschter ANTONI POLAK; gin him de Schlëssel vun dëser Eierepart, a schenken am Numm vun der Fédératioun dës Eierepart der Slonsker Gemeng esou wéi ét an dësem Akt festgehälen ass.

E groussen Merci am Viraus fir déi agange Verpflichtung dass dëse Kirfecht mat sénge Monumenter an Eirepart ëmmer an éngem fir ons Kameraden an déi, déi mat hinnen hei leien an éngem hinne wierdegen Zoustand gehäle gin.

An domadde invitierien ech iech all stëll a mat ärre persénleche Gedanken duerch dës Eirepart ze goen, de Kirfecht an d'Monumenter ze besichen.